GEMENG SCHËFFLENG

Infos

No.:03/17

Campagne « Ouni Pestiziden »

De Schäfferot an déi lokal Ëmweltkommissioun invitéieren all Schëfflenger Leit op eng ganz interessant Ausstellung mam Titel

« OUNI PESTIZIDEN »

déi vum **17. bis den 19. Mee** an der « Salle Grand-Duc Jean » stattfënnt an all Dag während den Bürosstonnen op ass.

Am selwechten Kader halen den Här Nils Leches an d'Madame Marianne Kollmesch, allebéid Mataarbechter bei der « Emweltberodung Lëtzebuerg asbl », e Virtrag iwwert d'Schaffen am Gaart ouni Pestiziden. Hei kritt all interesséierten Gäertner nëtzlech a praktesch Tippe wéi am Gaart ouni de Gebrauch vu Pestiziden kann geschafft gin.

Desen Informationsowend ass den **17. Mee 2017 um 19.00 Auer** an der « Salle Grand-Duc Jean »

Den **18. Mee 2017 um 19.00 Auer,** ebenfalls an der « Salle Grand-Duc Jean », gëtt de Film «Les moissons du Futur» (a franséischer Sprooch) gewisen.

Mär wäre frou vill Leit während desen Deeg begréissen ze kënnen.

Weider nëtzlech Rotschléi zu desem ganz aktuellen Thema fann Dir och op der Internetssäit www.ounipestiziden.lu.

De Schäfferot
Roland Schreiner, Buegermeeschter
Paul Weimerskirch, Schäffen
Carlo Feiereisen, Schäffen

Ebl
Emweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.